

Diddeléng a schwéier Zäit.

D'Geschicht vun der lëtzebuenger Jugend am 2te Weltkrich.

Animateur : An der lëschter Emissioun hu mir <sup>doon</sup> driwergeschwat, wât den Aarbechtsdengscht op deitsch R.A.D., war, den den Hitler fir d'männlech a weiblech Jugend agefo'ert hat. Wéi dunn den 23ten Mee 1941 de Gauleiter Simon och heizu Lëtzebuerg d'Jongen an d'Meedercher an den Aarbechtdengscht zwangsrekrutéiert hat. Wat d'Jongen alles hu misse matmachen a spéziell d'Joergäng 1925 a 26 déi, no der Zäit am RAD nêt méi heem kummen, wéll Lëtzebuerg duschons befreit war, an einfach kurzer Hand an déi deitsch Wehrmacht zwangsrekrutéiert gouwen. Alles Wieren ~~hat~~ si nâischt gedingt. Rädelsführer sin ausgesicht gin, kummen no grugelesche Verhé'eren a Prisongen, Kazetter an hun nêt iwerliewt. Déi ~~Am~~ hun d'Front erliewt, mat de Folgen vum Fâlen, verletzt gin, krank an hallef dood aus de Gefangelager schliesslech Heemecht erëm gesin hun.

Mä wéi war et mat de Meedercher ? Wat hu sie alles misse matmachen Am Studio och haut den Owend ~~de~~ Häre Jos Weirich ~~an Jos Benoit.~~ *Präsident vum den zwangsrekrut*

Här Weirich, kënnst dir ons och erzielen wéi et de Meedercher vun deemols ergong, also är Jugendfrëndinnen a Kolleginnen?

Weirich : Ech fannen är Bezeechnung Jugendfrëndinnen a Kolleginnen ganz flott an mir hun ons deemols genau esou gudd kannst wéi dir haut wësst wat är Kollegen schaffen, wou se studéieren a wéi se versichen sêch am Liewen zurecht zefannen. Genee wéi eis Matbierger deemols geméng hun den Aarbechtdengscht kënnst déne Jonke Borschten nêt all ze vill schueden esou war och éng ähnlech Ménong do fir d'Meedercher. Déi allerwénegst konnte viraus gesinn wat alles op dës Meedercher am Lâf vun de Krichsendphasen zoukim. Awer losst mër émol e bëssen an onser Dokumentatioun bliederen. A spéder Sendungen krée mir fleit Gelegenheet Diddelénger Meedercher am Studio ze hun an déi dann selwer erzielen wat sie erliewt hâten.

Duerch d'Veruerdnung vum 23ten Mee 1941 hat de Gauleiter Gustav Simon den obligatoreschen Aarbechtdengscht esouwuel fir d'Jongen wéi och fir d'Meedercher vum Joergang 1920 dékréité'ert. Am November 1941 gouwen dann och déi éscht Meedercher deemols 21 Joer âl agezunn. Déi wou bestued waren hunn nêt misse fort. A wéll dëst esou war, an der sêch mat 21 Joer schon âl genuch gefillt hun fir éng Famille ze grënnen, hun sêch der éng Rei duerch d'Bestuede dem RAD entzunn.

Scho 4 Méint no der éschter RAD Zwangsrekrutéierung kummen och d'Joergäng 1921 an 22 derbei. De 14ten Abrëll 1942 hu sie missen am Schoulhaff an der Strosbuengerstrooss zu Lëtzebuerg untrieden, Zu zirka 1.500 bis 1.700 ware se déi aus alle Gégenden vum Land kummen.

De Senario war déi selwechte wéi bei de Jongen. Eng schwéier Valise huet de Papp geschléft. Kuch, Hâm an Zosis ware gehamstert gin, wêl d'Kand sollt jo zumindstens kéen Honger leiden, wa weit vun doheem alléng an der Friemd.

Bei der Pard vum Schoulhaff huet da mussen "äddi" gesot gin, an hei konnten dann nês Trénen nêt ënnerdréckt gin, wéi schon ~~de~~ fré'e Muergen doheem wéi d' Mamm an Gesëschteren awer gekrascht haten.

Gené wéi bei de Jongen waren Trotoiren vun der Strosbuengerstrooss aus bis op d'Gare voll vu Leit an och virun der Gare war a Mënschen Oplaaf.

Et waren émoleg lëtzebuenger Protest-Aktiounen géngt déi Völkerrechtswiddreg Aberuffung vun freier Leit aus éngem freie Land duerch den Okkupant. Awer och Sympathie Beweiser fir ons Meedercher déi d'Heemecht hu misse verlossen. An d'Lëtzebuenger aus de Reien eraus hun nët mat hirer Ménok un d'Preisen hannert dem Bierg gehâlen a mat villen an dëfftegen Ausspréich a Riff hun vill Uwiesend hirer Roserei Loft gemat. A bestëmmt hu vill "Arbeitsmäden" an "Arbeitsdienst Führerinnen" déi aus dem Reich héi hi kom waren fir déi néi "Maiden" an hir Lageren ze féieren, grouss A'e gemat an nët verstanen wat déi Urémplungen un hir Adress géwe bedeiten. Am Reich hate sie esou éppes nach nët erliewt. D'Arbeitsdienstlageren fir d'Meedercher waren zimlech iwert Deitschland verdeelt, hun och <sup>aus Holzbaraken</sup> bestanen awer waren zuelemésseg méischtens méi kléng wéi déi fir d'Jongen. Während d'Jongen zu <sup>200</sup> an éngem Lager waren, waren d'Meedercher a 4 sogenannte Kameradschaften zu 12 Meedercher, ass gleich éng Belegschaft vun 48 Persounen. D'Lédung vum Lager war an den Hänn vun énger Lagerführerin an dé'er 6 Führerinnen zur Säit stungen. An all "Kameradschaft" war éng "Kameradschaftsälteste" ernannt. An esou éngem Lager waren gewénlech 3 bis 5 Lëtzebuenger, och émol esou vill Elsässerinnen oder Lothringer an de Rescht d'Preisen.

Wéll d'Lëtzebuenger jo deemols schon teschend 19 an 21 Joer haten, d'Preise vil méi jonk waren, oft och d'Führerinnen nët méi aal esouguer méi jonk, hun eis lëtzebuenger Meedercher sêch nët grad alles gefâle geloss. Spéziell wann se sollte politesch geschould gin, war d'Wëssen vu Lëtzebuenger bësser wéi dat vun der Führerin déi jo réng nationalsozialistesches endoktrinéiert waren.

Um 6 Auer ass opgestane gin.

5 Minuten ware virgesinn fir d'Bettgezei ausenaner ze léen, de Pyjama oder Nuetschiem auszestuppen, Turngezei un an doeriwer den Trainingskostüm. Dann de Mantel wann ët am Wanter war an d'Gasmask emgehângen a schon huet de Gong geruff wir aus der Barak eraus zetrieden.

A Rei a Glied ass dann ofmarschéiert gin, gewénlech op éng Wiss wou ~~dann~~ éng vé'erele Stonn Turnübungen gemat gouwen.

Um halwer 7 ware se dann erëm am Lager. Gewësch gouw sêch plâkech. Dono d'Better gemât, d'Stuff an de Wäschraum gebotzt.

Um halwer 8 ass ~~dann~~ a vé'er Reien op den Apell-Platz marsché'ert gin wou an der Mëtt de sogenannten Fahnenmast stung. Ronderëm dëse Mast ass sêch dann opgestallt gin.

Zwei Mäden hun de Fëndel bruecht an dann ass mat grousser Zeremonie d'Fahnenhissen ugangen. Heibei huet natirlëch de rechten Arm fir den Hitlergruss gehuewe misste gin. An de Schluss war e Lidd. D'Lëtzebuenger Meedercher hu méischtens dësen ganzen Zauber nët éescht geholl, oft war den Arm nët richtig ausgestréckt, nët gesongen oder gelacht <sup>was</sup> natirlëch d'Führerinnen a Roserei versat huet.

Um 8 Auer gouw ët da Kaffi. Dat hëscht wann een dat nach Kaffi konnt nennen. Méischtens war ët den Deutschen Haustee aus énger Zuehl vun ondéfinéierbare Kreider a Blieder zesumme gesât. Mol gouw et Botter oder Margarin awer ëmmer schwarz Broud a Melass. En Iessen wat nët nëmme nët geschmact huet méi och nach villzewaneg fir Jugendlëcher war.

Dono war da Schulung bis halwer 10. Vu wat héi geschwat gouw brauch ech nët an Détailler ze erzielen. Mä kloer war dass d'Buch "Mein Kampf", d'Rengrassegkeet vun den Arier, d'Endlösung vun der Juddefrod' Siege vun der ruhmreichen Wehrmacht, je, d'ganz Pannophie vun der nazistescher Ideologie.

Héi sinn dann oft d'Ménungen vun de Lëtzebuenger mat de Preisen op énen geprallt a tëschend den Zänn gouw geknoutert: "an dir verléiert dach de Krich".

No der Schulung kum "zweites Frühstück" : E stéck Broud mat drop éppes ähnléches wéi Késs mat vill Kümmel a Vanille-Tunke. Bestëmmt schudderden ons Meedercher sèch haut nach wâ se drunn zeréck denken.

Nom zweete "Frühstück" sin d'Meedercher déi fir den Aussendienst virgesin waren ofmarché'ert. Déi éng a Bauerebetrieber an der Ëm-gégend, aner an Privatstéd. Méschtens waren do, de Mann oder de Jong an d'Wehrmacht agezunn oder a Privatstéd, <sup>fr</sup>kranko Leit ze hëllefén.

Déi déi am Lager hu missen bleiwen si mat Kichen- a Gardenaarbëchten beschäftegt gin, hu missen wäschen, botzen a esou weider.

Um 12 Auer am Lager Mëttegiessen mat Paus bis 1 Auer.

Um 6 Auer sin déi vun dobaussen nés zeréckkom.

Uschléssend ass mam sëlwechten Zeremoniel wéi Muerges de Fëndel nés erof geholl gin.

An da kum fir d'Lëtzebuenger dén <sup>schwiersten</sup> ~~schwiersten~~ Déel vum ganzen Dâg: d'Postverdeelung. Mat Spannung huet jidderéen drop gewart dass séi Numm opgeruff gouw an dann e Bréif vun doheem do war an och e Bréif vun séngem Jong. Ganz oft é Bréif dén no 1943 schon aus der Front oder aus Russland kum.

Enttäuschung war awer och wa kéi Bréif oder Postkart do war oder schlecht Norichten an de Schreiwe stung. Dat Schlëmmst war wann et gehéscht huet de Brudder ass gefall oder vermësst. Oder mir sin ëmgesiedelt gin; oder se hun de Papp, de Moni oder Tata geholl a sin elo zu Hinzert, wann nët nach e schlechteren Numm, wéi Buchenwal Sachsenhausen oder Dachau. E puer mol ass all Bréif gelies gin, der Frendin gezielt wat alles dra sting, wéi ët doheem wär a se dann och nach getrëscht wëll sie haut kéng Post krut.

An dann owends um Stréisaak nach éng Kéier heemlech dat léiwste Schreiwen éng läschte Kéer virum Aschlofen iwerkuckt.

*Museck  
im  
e  
Kirchen*

Nach e Virkommen wat oft mat ville Komplikatiounen gesént war : war Verédegong op de Führer. Natirlech hun och d'Meedercher gené wéi d'Jongen versicht sèch lanscht dëse Schwuer zedrécken. Oft ass richt eraus geschwat gin, oft war e gewëssent Verständniss beim <sup>de</sup> Führer ze spieren, mä oft huet de preiseschen Fanatismuss kéng aner Méeoglechkeet geloss wéi ze machen wéi wann én d'Schwuerformel géw matsoen.

Dat elo Erzielten war dat normalt Lagerliewen. Awer och dëst hu vill Meedercher schlecht erdroen an ët ass no allerhand Auswée gesicht gin.

E Mëttel wat ëmmer erëm versicht gin ass, war Krank gin. Awer dëst huet nët ëmmer geklappt. Héchstens war ët éngem e puer Deeg ver-deiwelt schlecht awer fir en Krankenurlaub ass ët nët duer gangen. Ass awer émol Congé an d'Aarbechtsdingschtzäit gefall dann ass en bal ëmmer verlängert gin. Emmer éen Doktor ass fond gin déen de Blindarm eraus operéiert huet an uschléssend ass de Genesungsurlaub mat Hëllef vu risikoberéet, Docteren verlängert gin. Och de Courage fir sèch eng Gielzech zozeléen hate vill Meedercher. Déi aller méglechst Mëttelen sin heemlech colportéiert gin. Afir der Jugend vun haut ze weisen zou wat fir Mëttelen hir Grousselteren a Grouss-tata'en gegraff hun, weisen ech op en Abschnëtt am Francis Steffen séngem Buch " Die geopferte Generation "

Am Congé sin d'Anny an d'Martha an d'Elisabetterinnen-Klinik gefuer, fir s'ech do bei de Gielzëcht Erkrankter ze informéieren. Hei luchen Jongen déi sech esou éng Gielzëcht zougeluecht hate fir och n'et esou schnell erëm zeréck ze goen. Wéi et schingt hat d'lëtzebuerger Jugend éng ganz Wëssenschaft iwert dës Krankheet geléiert an dem Anny an dem Martha ware verschidde M'églechkeeten vertraul'ech matgedeelt gin, hannert déi ~~dei~~ och déi deitsch Hären-~~M~~ Menschen net géwe kommen. Wéll déi grouss Gefoer war jo, wann én erwöscht gouw d'ést als "Wehrdienstverweigerung" a Selbstverstömmelun considéiert gouw, firwat d'Kriegsgericht zoustänneg wär an n'et nëmmen de Patient mä och den Abdickter an den Dokter zou gréisste Prisongsstrofen ze condamméieren waren. Doheem ukom huet d'Martha gleich e puer M'ëttele geholl fir och s'ech zesinn dass sei géiwe greifen.

Scho virum Anhuelen huet et s'ech geékelt awer zeréck wollt et n'et. Also ass emol Piss gedronk gin. Hannendrop Béer mat Salz geméscht an dann och nach éng Zigarett gefémmt déi virdrun zimlech lang an Essegsäer luch.

Esou, sot d'Martha zu sénger S'ëschter, elo kann's du soen ech wär krank. An tatsäc'hlech ass d'Martha krank gin. Vill méi krank wéi et am Fong geholl duer gange wär fir d'Preisen ze täuschen. An n'et nëmmen Gielzëcht huet s'ech gewiesen, mä vill méi geféierlech war den Damp vun der Essegsäer déen mat dem Zigarettendamp ageotmet war. D'esen hat e régelrecht Lach an d'Longe gebrannt an nëmmen éng schwierig Operatioun konnt et virum Doud retten. Dankbar ass d'Mart dem Dr Loutsch bliewen, déen d'Operatioun gemat hat an em esou d' Liewe gerett hat. Mir gesinn also wat fir bal onverzeil'ech Risiken vill Lëtzebuerger agange sin fir s'ech der Zwangsrekrutéierung ze entz'een oder zumindestens deelweis.

Nach éng aner Veruerd'nung hun ons Meedercher schwéer getraff. Während déi vun de Joergäng 1920 bis 1922 nëmmen 6 Mént Aarbechtsd'engscht hu brauchen ze machen, gouwen déi j'enger Joergäng also 1923 bis 1926 zou zousätzlechen 6 Mént KHD zwangsrekrutéiert. KHD h'éscht "Kriegs-Hilfs-Dienst" An d'Wuert s'et och em wat et s'ech handelt: Schaffen a Fabriken wou Krichsmat'erial hiergestallt ~~g'ewu~~; méischtens an Munitiounsabriken.

Also no déne 6 Méint, am Wanter n'emme 5 Méint an RAD Lageren an uschl'essend 6 oder 7 Méint am Krichs-Hilfs-Dienst. Egal wéi, 1 Joer ware sie vun doheem fort.

KHD Lageren waren genéi wéi d'RAD Lageren aus Holze-Baraken zesumme-gesât. Während am RAD d'Better zu 2 an 2 iwerenén stungen ass mat 3 Persounen iwertenén geschlof gin. D'Schlofsäck am RAD mat Stré h'geföllt, haten am KHD Holzwooll. Oft war och nëmmen 1 Décken do fir s'ech zozedécken an am ~~de~~ Winter ass oft ~~a~~ batterer Kéelt gelidden gin. Des Baraken stungen oft kilometerweit vun de Fabriken ewech an dofir ass da Muerges an Owends de lange Wé' vun 5 a méi km zu Fouss gemat gin. Geschafft gouw 10 Stonnen. De Kascht war miserabel. D' K'ammesbroud war nach dat b'éscht an emmer K'âbeszopp stung d'ese jonke Meedercher scho geschw'enn zum Hals eraus.

Während am RAD Lager, d'Kameradschaften fir d'ést preisescht Wuert ze gebrauchen aus 12 Meedercher bestanen huet a 4 Kameradschaften én Zuch, war de KHD n'et esou organiséiert. Héi waren oft 15 bis 25 lëtzebuerger Meedercher zesummen mat esou änlechen Zuelen vun Alsäs-ser, dann éng gréisser Zuel vun russeschen Meedercher a Fraen an dar och deitsch Arbeitsmaiden.

An esou énger Munitiounsfabrik hun 1.000 bis 1.500 Frae geschafft. D'Russen ware besonnesch schlecht drun an hun ëmmer missen Drécks-aarbëchten an déi geféierlech Aarbechte machen. Gestonk huet et ëmmer an dës ätzend Loft huet an den A'e wéh gedoen, spéziell wann é vu baussen eran op d'Aarbecht kom ass. Als Schung gouw ët nëmmen Schung mat Holzsuelen. Mat dësen ass och am Wanter duerch Schnee a Matsch de Wé op a vun der Aarbecht gemat gin. D'Aarbecht bestung ënner anerëm aus dem Fëllen vun de Granathülsen mat Polfer a Stange form oder d'Aschrauwen vum Zünder, d'Handhabung vun de Stanzmaschin a e w. Awer ëmmer erëm ass d'Aarbechtsplatz gewiesselt gin fir dass ként sech konnt dru winnen.

Natirlëch ass och u Sabottage geduecht gin, a munnëch lëtzebuenger Meedchen hat sëch éng âfale geloss dass séng Granaten nët all explodéiert sin. Wien allerdéngs bei esou éngem Sabottage-Akt erwöscht gin wär, hat mat der Doudesstrof ze rechnen.

Aussergewénlech <sup>geféierlech</sup> waren d'Aarbechten un de Granaten oder Minnen mat Zäitzünder. Hei wär schon en harde Stouss oder Fâlelossen duer gangen fir éng Explosioun auszeléisen.

Ëmmer mei geféierlech gouw den Openthalt an de Gegenden vun dëse Fabriken déi ëmmer méi oft a méi stark vun den Alliéierten bombar déiert gouwen. Héibei sinn dann och lëtzebuenger Meedercher verwond a schwéier verwond gin a esou guer ëmkom.

Dat gréissten Ongléck haten déi Meedercher déi nach an Deitschland waren wéi Lëtzebuerg am September 1944 vun den Amerikaner befreit gouw. Wa sie ët nët duerch en Täuschungsmanöver, éng Krankheet richtig oder falsch, ferdeg bruecht haten fir Enn August oder Ufank September zu Lëtzebuerg ze sin, ware sie condamméiert an Deitschland ze bleiwen bis de Krich eriwer war. Héi hu vill Meedercher munches erliewt, hu vill gelidden a ware bei schrécklechen Episoden derbei. Hu gesin wéi Leit niewend hinne gestuerwe sin, oft no schrécklecher Verstümmelung. Hu gehollëf Verletzter auszegruewen. Ware bei den Opraumungsaarbechten derbei an der Gewalt an Uurêmplungen vun den Herrnmenschen ausgesat.

All dës Meedercher vergiessen dës Zäit vun hirer Jugend nie, wéi sie och nie d'Verbriechen vergiessen dat Deitschland un hinne begangen hat duerch d'Zwangsrekrutéierung an den RAD a KHD.

DIDDELENG A SCHWE'RER ZEIT

D'Geschicht vun der Letzebuenger Jugend am 2te Weltkrich

- Animateur: Héi ass R.D. op 103.9  
 Béi eis am Studio wei gewind all Mendes Owens déi Hären  
 Jos. WEIRICH a Jos. BENOIT.  
 Här WEIRICH, an der leschter Sendung hate mir versprach onse No-  
 lauschteren iwert d'Liewen am Arbechtsdengsel, dem sogemammten  
 RAD ze erzielen. Besonnesch mir Jugendlecher sin drun intresséiert  
 ze erfueren wéi et onse Groselteren ergangen ass, wéi sie eso äl  
 ware wéi mir.
- Weirich : Wéi gesot den 23 Mee 1941 hat de Gauleiter Gustav SIMON den obli-  
 gatorischen Arbechtsdingschtesouwuell fir d'Médercher wéi fir  
 d'Jongen vun Joërgank 1920 dekrétéiert. No an no kumen dunn och  
 Verwendungen fir déi aner Joërgäng d. 1921, 1922 a. e. w. bis nach  
 kurz virum der Liberation, och de Joërgank 1927.  
 Vum 7ten Oktober 1941 un sinn déi éscht agezu gin an zwar fir  
 6 Mént. Wéll zu Betebuerg an och zu Etter <sup>Idem</sup> Arbechtsdingscht Lageren  
 agericht ware gin sinn och Letzebuenger dohinne kom. Awer dat nem-  
 men ganz am Ufank. Dono sin déi Méscht Jongen a Pole kom an ech  
 zitieren nemmen e Puer bekannt Uerschaften wéi: POLAJEWO, POSEN,  
 GRÜNSTAT, ROGSEN-WOLLSTEIN, GEMBITZ, DEUTSCHWALDE, PEENEMÜNDE,  
 BANTZEN, GNESEN, PINNE, JANNOVITZ. Awer och a Griecheland zu  
 SOLONIKI ~~28~~ waren RAD Lager. D'Médercher ware méi a Lageren an  
 Deutschland, wéi z.B. SALZKOTTEN, WILDBERGERHÜTTE, WADERSLOT,  
 ENGELSKIRCHEN a. e. w.  
 Méschtens waren an dest Lageren ronn "200 Arbechtsdingscht Männer"  
 dovunner ronn 100 Letzebuenger an 100 Préisen. Well den RAD an  
 Déitschland jo scho méi lang bestanen hat waren d'Letzebuenger Jon-  
 gen méschtens méi äl wéi déi deitsch. A well d'Manschaftsopstel-  
 lung der Grésst no gangen ass, waren déi éscht Gruppen "Stuben"  
 hun d'Préisen dat genannt wéi och der ereste, zweite, dritte und  
vierte Zuch den aus je 4 Stuben zusammen gesat war. Aus desam  
 Grond waren och d'Letzebuenger méschtens "Ton angehend". Awer ze-  
 réck op Letzebuerg.  
 Schon no der Musterung war engem Médchen oder Jong war an der be-  
 treffender Famill eng gedréckte Stëmmong. Des gow nach méi erdré-  
 ckend vun dem Dag un wo de Bréfdreier de Stellungsbefell an d'Haus  
 bruecht hat. Un d'Ennertauchen ass nach net eso vill geduecht gin  
 well jo allgemeng ugehol gow, dass nach kéng Dodesgefohr am RAD ze  
 erwarde wär; Ob dé'er anerer Seit awer schon mat harde Strofen fir  
 den Déserteur gedroht gow an nach mat méi harden for déi Leit déi  
 dobéi behölefflech wären.  
 Awer bestömmt si schon dei Dég vir drun hém lech mun nech Mam men tré n  
 fir hirt d'Médchen oder Jong gefloss.  
 Den Dag virum Départ gow de Koffer gepakt an dem virun allen hap-  
 sächtlech Iessenwueren versant gowen. Well des schon all op Tické'  
 en ze bezé'e waren: war an den Dég virdrun bescht még lech ge kan ster  
 gin an net selten war eng ganz oder hallef Hamm, oder eng oder zwo  
 Zossissen am Koffer.  
 Dest huet och erkläert fir wat d'Kofferen all eso schwéer waren an  
 de Papp mam Médchen oder mam Jong bis mat an d'Stad gefuer ass an  
 de Koffer geschléft huet. D'Sammelpunkte waren op verschiedene  
 Platzen. Fir de Minett méschtens am Haff vun der Primärschoul an  
 der Strossbuengerstross zu Letzebuerg. An den Haff selwer sin  
 nemmen méi zukünfteg "Arbeitsmänner" era geloss gin. Den Addi war

E Lager war aus

dann endgölteg béi der Part fir an den Haff, an héi konnten dann och méchtens d'Trénen net méi zeréck gehale gin. Mä dann erem béi de Kollégen, a wo én emol e Komerod no längerer Zeit erem gesin huet, huet é sech dann erm méi hart gefilt an de Starcken markéiert. Et war awer méi eng gezwonge Fréd; wéll d'Ongewessheet iwer dat wa komme sollt huet stark gedréckt. Da kum den Opruff vun den Nimm an a föneffer Kolonnen gung et am Marsch op d'Gare. Dausende vun Menschen stungen op den Trottoiren lanscht d'Stross fir op d'Gare, an net nemmen Familjen a Bekannter mä och aner Leit déi de "Jongen" äddi wollte soen, <sup>an den</sup> awer dem déitsche Begleedpersonal munnech <sup>helfe</sup> onfrendlech <sup>helfe</sup> iwert zogeruff hun. Héierunner hun och dé' préisesch Zaldoter mat Gewieren, déi Spale'er bis an d'Gare eran stungen néischt geännert. Op der Platz virun der Gare waren nach méi Leit a ganz agressif Riff wéi "Rode Léw huelle" an nach anerer méi schro sin am Ko'er geruff gin.

Op de Perrong vun der Gare ass kén Zivilist kom a wéi déi Zwangsrekrutéiert an de Waggoe sutzen, waren ausser de Gradéierten RAD Leit ké méi <sup>drop</sup> <sup>am Quai</sup>.

An de Waggoen war natierlech décke Kammedi an eso bal den Zuch ugefuer ass, gow <sup>wun</sup> honnerte vu Stëmmen, eso hart wéi et nemme gung de "Feierwohn" a "Letzebuerg de Letzebuenger" gesongen. Dese Gesank huet erécht obgehale wéi den Zuch iwert Wasserbelleger Bréck gefuer ass, a vun do un ass och net méi <sup>aus</sup> de Fensteren eraus gewénkt gin. Héchtens ass emol "dir huere Préisen" oder Knaschtech Préisen" geruff gin wann irgenwo dé'er é stung a geméngt huet missen wénken. Hien konnt jo och <sup>net</sup> wessen dass Zwangsrekrutéiert Jongen an desem Zuch <sup>setzen</sup>. Op letzebuenger Buedem awer stungen iwerall wo den Zuch lanscht gefuer ass, <sup>massech</sup> Leit; op de Brécken, an de Garen, ob de Barrieren an hu gewénkt a geruff. Och munnech couragéiert Afäll hate Médercher fir hire Jongen äddi ze soen. Eso huet én obémol <sup>dréi</sup> Médercher gesin do stoen ze wénken. Dat ént mat enger roudier Jupp, dat anert eng weiss an dat <sup>dratt</sup> eng blo. Oder dat éscht hat e roudie Fischi, dat zwét e weiss an dat <sup>dratt</sup> e bloen an hun domadde gewénkt. Jé, <sup>irgend</sup> eng Kombina-tioun vun rod-weiss-blo hate se sech afale geloss.

Zu TRE:ER ass da méchtens den éschten Halt gemach gin a vun der Gare aus ass et an déi sogenannt Reiterkasäre gangen. Héi gowen dann d'Zwangsrekrutéiert op déi verschidde Lageren opgedéelt a mam Zuch gong et da weidder. No Warden, da Fueren, erem stoe bliwen, Stonne lang, d'Nuecht duerch, bis d'Ziel méchtens a Polen eré'scht war. Oft war et dann den 2ten Dag Owends wann den Zuch entgölteg hale bliwen ass an et da <sup>mat</sup> groussem Krésch <sup>gelécht</sup> huet: "Alles <sup>heraus</sup>" - Opstellen - An dan mat de schwéere Koffer ass nach 2, 3, 5 km marsché'ert gin bis an d'Lager.

Am Lager sin hapsächlech d'Commando gepaff, mä virun allem gejaut ginn. Fir déi classesch RAD Wieder, Ausdréck, Uranzungen missten haut d'Préise sech nach schummen, am Platz dass haut derschon erem ufänken sech domadde ze bretzen. Dann huet misse gelé'ert gin "Bette bauen". Dat héscht de Strésak mat dem Kessen an der Decken eckeg Kanten machen. Et waren emmer 2 Better iwert enén. Déi nächs Bekanntschaft war mat dem <sup>Kammers</sup> brot. Dohém war d'Brot zwar razi-  
néiert an och am Prinzip nemmen op Tickéen ze kréen, mä <sup>Kammers</sup> brot haten déi wénegst bis dohi geschwad. Fir op d'Brot gow et Gebéss, Marmelade hun d'Préisen et genannt, a Kaffi fir ze zappen.

Den éschten Dag no der Arrivéé am Lager kruten d'Jongen d'Arbeitsdienst Uniformen an Zivilgezei gow an d'Valise geluecht déi dann all zezummen an en extra'e Raum kummen, oder och a bestémmte Lageren nach hém geschéckt gowen.

D'RAD Ausrüstung kum an e "Spind", also e schmuele Schaf, a fir ze setzen hat én e "Schemel".

Marsch-Marsch - Hinlegen - In den Wald- Marsch-Marsch - Zurück - Marsch-Marsch " an eso weiddere Quatsch. D'Ziel awer vu diesem Brüllen an diesem Stritzen war d'Persénlech ze zéstéieren, de Respekt virun sech selwer auszuschalten fir dass et spé'der an der Front nemmen nach a wëllelosen, bestiale Gehorsam sollt gin; all Befell auszeféieren a rücksitlos ze muerden an an den égenen Dod ze rennen. Och dat a Reitt a Glied sangen an Zwar hart sangen hat nemmen d'Ziel persénlech Iwerlé'ungen auszuschalten an am Grupp a mam Gruppstur virun ze rennen. Natirlech waren Lidder Tester eso ausgewielt dass se nemmen vum déitschen Erfolleg, vum siegreichen Virmach, vum Endsieg a vum "Morgen gehört uns die ganze Welt", iwerluede waren. Da kum och d'Ausbildung mam Spued. Genau wéi beim Zaldot, an zenter et Gewiere déi un an ob der Scheller ze droe sin, eso ass beim RAD de Spued ze handhaben, ze botzen an ze versuergen.

Genei wéi den Zaldot d'Karabin présentéiert, genei eso ass de Spued präsentéiert gin. E Weiddert Vertrieben wat den Okkupant sech nach gelégt hat, war d'Verédegen vu de Letzebuenger Jongen a Médercher ob de Führer. Héi kum et ganz oft as verschiddene Lageren zon AUsernadersetzungen teschend de "Lager Führer" an den och sturen Letzebuenger Munchmol ass et gudd ausgangen, je no der Astellung vum Zugführer oder Abteilungsleiter. Oft gow et awer Haft, mä méchtens kum hé Wuei vum "Lech schwäre" iwert letzebuenger Lepsen.

No e Puer Wochen Drill kum dann den Ausmarsch ob d'Arbecht. Ufangs a bis Mett Krich ass un Entwässerungsgrief, Redressement vu Bachelé an aner Buedemarbechte geschäft gin. Wann én net an déi schlecht Saison gefall war awer des Beschäftegonzeit net all zeslecht, ausser dass vill Jongen net un des kirpelech Arbecht gewind waren. Den Dag ass Muerges um 6 Auer ugangen an Owends um 9 Auer huet alles missen an de Bette sin.

weiddert,

En Vanert oft geféerlecht Eregness war d'Optauchen vun der "Waffen SS" am Lager déi Freiwëllege gesicht hun. Well d'Letzebuenger méchtens gross a solid Jonge waren, ware sie speziell viséiert, an et huet oft misse vill Courage sin fir eso wuel de Verspriechen wéi den Dro'unge Stand ze halen. Rosen an zerknirscht sin dann d'Waffen SS Offizéier erem fort ggangen, ohni Erfolleg béi de Letzebuenger an héchtstens mat e Puer schwächtege Jonke Préisen als Fréiwelleg.

Dat bis elo beschriewend Lagerliewen war dat vun Enn 1941, 42 an och nach délwéi 1943. Déi ufanks 6 Mént dauernd Arbechtsdingschtzeit gow herno op 3 Mént erofgesat. D'Wehrmacht huet emmer méi séer d'Zaldote gebraucht.

Besonesch schlecht ergong et de Jongen vu de Joërgang 1925 a 1926. Den 12ten an 13ten Juli gowe sie a polnesch RAD Lageren zwangs verschléft. Zwar waren dunn schon d'Amerikaner geland, awer d'Fronten sin net eso séergéngt Osten gerecht wéi mir Letzebuengeretgären gehat hëtten. Och d'Resistenz Organisatiounen hun déi un Desertion Interesséiert net méi schnell genuch enner Dag krit. Also hu si muss goen an der Hoffnung dass et jo nemmen Arbechtsdingscht war a virun déi Zwangsrekutierung an d'Wehrmacht nach Congé géw gin a bis dohir Letzebuerg befreit wär. Awer et kum anescht. Ufang September gow Letzebuerg befreit an un en Hékommen aus Polen war net méi ze denken. Vum halwen August un waren des Jongen schon der Wehrnacht enerstalt a sie hu missen den "Ostwall" bauen fir d'Reichsgebitt virun dem Virdrengen vum de Russen ze retten. Panzergrief a Geschütstellungen gowen ausgegruewen.



Ufank Oktober gowen déi déitsch RAD Männer an den Heimaturlaub geschéckt ér sie an d'Wehrmacht agezu giw. Wat awer soll mat de Letzebuenger geschéen ? Einstweilen bleiwe se emol nach 6 Woche mé lang am RAD wéi virgesinn.

Vun elo zitéieren ech kurz gefast wat e Bedelegten de Jean MAJERUS 1964 doeriwer geschriewen huet.

Den SS Obersturmführer Portugal ass annoncéiert.

Den 1. an 2. Zuch vun Arbechtdingschtlager sin ob der Arbecht. Am Lager waren also nemmen den 3. a 4. Zuch, déi dunn a de Schulsaal zu Schulzenheim geruff ginn.

Den SS Man versicht d'Letzebuenger vun déitsche Sieg ze iwerzégen an dass et eng E'er fir sie wär herno mat derbéi ze sin a mat gehollef hun als déitsch Zaldoten groud Déitsch Reich opzerichten. Ké vun de Letzebuenger lésst sech natierlech bluffen a jidderén kuckt virun sech. Dest bréngt natierlech den SS Offizéier an d'Roseréi a plötlech bréll'en déi ganz kloer Fro erausplatzt. "Well der da wirklech net an déi siegreich déitsch Wehrmacht antrieden. A wéi aus engem Mond kënt d'Antwort : Nén, mir sin e freit Volleck a mir wëllen eis net an déi déitsch Wehrmacht. Vu Roseréi kachend verlésst den Offizéier de Schulsaal. Ké vun ons Zwangsrekrutéiert war als Held gebuer, awer et waren der emmer ennert ons déi méi couragéiert waren. Eso och héi zu Schlutzenheim.

Zwé Dég no desem 19 Oktober sin 14 Man eraus gesicht gin déi als Vollecksverbriecher a Meuterei emol richtig geschlaff gow, zuer Sau gemat wéi d'Préisen dat genannt hun. Och den Obertruppführer vun desem Lager huet Blamage genei esi gud wéi den SS Offizéier net vergüesst a wollt sech un dese 14 Jongen rächen. Eso guer huet hin gedroht wa sie hen och géwen embregen da wär hien fir Führer Volk, aund Vaterland gestuerwen awer virdrun giw hien der nach e Puer vun dese Letzebuenger Déckkäpp embregen.

Den aneren Dag teucht de Oberarbeitsführer op. D'Jongen gin erem zesumme geruff an déi selwecht Geschicht vun totalen Krichseinsatz de secheren Sieg, an den 20 Juli hätt bewiesen dass den Nationalsozialismus géng all Gefohren bestonn. An da kum et méi schlémm an zwar mat der Drohung, dass hien d'Meuterei vun 19 Oktober net ongestroft kent acceptéieren. Op der Meuteréi sting Dodesstrof an e Krichsgericht géf entschéden.

Da gin 3 Nimm opgeruff; PEFFER Johann, MAJERUS Johann an GRASHOFF Nikolaus, déi dann och vun Zaldoten mam Gewier am Uschlag ofgefo'ert giw. Stonnelang gi si versteiert a schlieslech am de Schwengestall vun do, enner strenger Bewachung agespart.

Den aneren Dag gi se no POSEN an den Arbeitsgan geféiert. Héi erem stonnelang an déglang Verhéieren.

Schlieslech de 4 November gi se dem SS Einsatzkommando iwergein, El si si an de Krallen vun der Gestapo. Natierlech géht et emmer mat néie Verféert weider an der préisescher Hoffnung dass nach weidder Rädelsführer entlarvt kënnte gin. Mä déi 3 hale Stand a kommen an den SS Polizeiprisong vu Posen-Lenzingen. Héi kent e 4te Letzebuenger béi si den Roger MERGEN. A Schutzhaft bleiwe se wénst Meuteréi rücksfeindliche Kungebung an wéns Wehrzersetzung am RAD. Zesummen mat nach aner Häftbingen aus villen Nationen triede se den Dodesmarsch an d'KZ Sachsenhausen un, den vom 19. Januar bis 4. Fébruar gedauert huet. Vu Sachsenhausen no Manthausen stierwen d'halschend vun den Häftbingen um Transport.

Onvierstellbar Quäberer, Schloen, king Verpfegung, néischt ze Essen geschwächt gin des Leit regelrecht vun hiren Bewacker an den Dod gedriewen. Vir dat, wat do geschitt ass dierft haut 50 Joër durno nach kënn Déitschen éngem richt an d'Ae kucken. Zu Manthausen gowen déi 4 vun enén getrennt. De Roger MERGEN gow am Lazarett zu WELS eso schwéer messhandelt, dass hien sech net méi dorun erkrée kont.

Vun dénen 4 kum nemmen én de Jean MAJERUS nés hém.

Wann ech des Schicksaale e besseren méi ausféerlech erzielt hu, da

*reichsfeindliche*

fir ze weisen wéi an dem Ufangs schingendem ongeféerlech an harmlosen Arbechtsdingscht fir Letzebuerger Jongen déi schwéierste Calvaire gow. Engerseit hu sie Zéchness vun Fréiheet an Hémeschtslé'ft, Hechuerchtung vun onser Grande Duchesse Charlotte an onsem Land ofgeluegt, och wann se zu Dod gepengecht gowen, an anerséits hu sie mat knapp 18 Joër hirt Liewe riskéiert an och gin an dest schon während Zwangsrekrutéierung an den Reichsarbechtsdingsc

Animateur : Den Här WEIRICH huet ons elo iwert déi völkerrechtswiedreg Zwangsanzé ung vun de Letzebuerger an den Arbechtsdringscht am allgemeng geschwat. Här WEIRICH wéi hun déi Diddelénger Jongen a Médercher des Zeit erliewt.

J.B.

Animateur : Dir Hären WEIRICH a BENOIT, dir hut ons hapsächlech iwert d'Zwangsrekrutéierung vun de Jongen an den Arbechtsdingscht erzielt. Kente mir net an der nächster Sendung och onsen Nolauschteren iwert d'Aberuffung vun d'Médercher an der RAD erzielen ? Fir haut ob jidde Fall merci an da bis den nächsten Ménden.